De Centre de Formation pour Conducteurs SA ass en Fuersëcherheetszenter zu Lëtzebuerg, deen op 2 Siten (**Colmar-Bierg a Suessem**) aktiv ass. Mir bidde Formatiounen un fir Autos- a Motorradsfuerer, awer och fir Beruffschaufferen (Bus, Camion a Camionnette).

Mir sichen, fir eis Equipe zu **Suessem** ze verstäerken, ee:

Formateur fir Bus & Camion (m/w)

Är Aufgaben:

- Formatiounen ofhalen (Theorie a Praxis) am Kader vun der Direktive 2003/59/CE
- Formatiounsprogrammer an –inhalter virbereeden an aktualiséieren
- Weider Aufgaben am Zesummenhang mat de Formatiounen a mat eise Gefierer

Äert Profil:

- Dir hutt Freed am Ëmgang mat Leit an en héije Grad un sozialer Kompetenz
- Dir hutt zanter min. 3 Joer ee vun de folgende Führerschäiner: D, C, CE
- Dir schwätzt a schreift op mannst 2 vun dëse Sproochen: Lëtzebuergesch, Däitsch, Franséisch
- Dir sidd sécher am Ëmgang mat der aktueller Standardsoftware: Powerpoint, Word
- Beruffserfarungen op enger ähnlecher Plaz oder am Beräich Persounen- oder Wuerentransport si vu Virdeel

Mir bidden:

- eng ofwiesslungsräich an usprochsvoll Tätegkeet
- eng sécher Aarbechtsplaz an enger opgeschlossener an dynamescher Equipe an engem wuessenden Betrib

Interesséiert? Dann schéckt är Kandidatur (Liewenslaf, Motivatiounsbréif) un folgend Adress:

CENTRE DE FORMATION POUR CONDUCTEURS S.A.
Service Ressources Humaines
c/o. Alain Wenner
Z.I. Gadderscheier – L-4984 SANEM
oder per Email un: formpro@cfc.lu